# De Mënscherechts-Bilan vu Lëtzebuerg gëtt vum Universelle Periodeschen Examen iwwerpréift

**GENEVE (3. Mee 2023)** – De Bilan vu Lëtzebuerg am Beräich vun de Mënscherechter gëtt dësen Donneschdeg de 4. Mee fir déi véierte Kéier vum Aarbechtsgrupp fir den universelle periodeschen Examen (*Examen périodique universel* – EPU) vum Mënscherechtsrot vun der UNO iwwerpréift. Fir dës Réunioun gëtt et e live Webcast.

Lëtzebuerg ass ee vu 14 Staten déi vun der EPU Aarbechtsgrupp bei senger 43. Sessioun vum 1. bis den 12. Mee ënner d'Lupp geholl gëtt. Den éischten, zweeten an drëtten Exame vu Lëtzebuerg ware respektiv am Dezember 2008, Januar 2013 a Januar 2018.

D'Dokumenter op deenen dës Examen baséiert sinn, si folgend: 1) nationale Rapport – Informatiounen déi vum Staat geliwwert ginn, deen ënnersicht gëtt; 2) Informatioun an de Rapporte vun onofhängege Mënscherechts-Experten a Gruppen, bekannt als Spezial Prozeduren, Organer vun de Mënscherechts-Traitéen, an aner Entitéite vun de Vereenten Natiounen; 3) Informatioune vun aneren Acteuren, dorënner national Mënscherechts-Institutiounen, regional Organisatiounen an Organisatioune vun der Zivilgesellschaft.

Déi dräi **Rapporten** op déi den Exame vu Lëtzebuerg vum 4. Mee baséiert, kënnen hei consultéiert ginn.

**Plaz**: Sall 20, Palais des Nations, Genève

**Zäit an Datum**: 14:30-18:00, Donneschdeg, 4. Mee 2023 (Genfer Zäit, GMT +2 Stonnen)

Den EPU ass en eenzegaartege Prozess, bei deem regelméisseg de Mënscherechts-Bilan vun allen 193 UNO-Memberstaten iwwerpréift gëtt. Zënter der éischter EPU-Réunioun am Abrëll 2008 sinn all 193 UNO Memberstaten dräi Mol kontrolléiert ginn, während dem éischten, zweeten an drëtten EPU-Cycle. Lo während dem véierten EPU-Cycle gëtt op en Neits vun alle Staten erwaart, dass si weisen, wéi eng Schrëtt ënnerholl goufe fir d'Recommandatiounen ëmzesetzen, déi si bei deenen Exame virdru gemaach kruten a fir déi si sech engagéiert hunn; si sollen och presentéiere wéi eng nei Entwécklunge fir Mënscherechter et an hirem Land gouf.

D'Delegatioun vu Lëtzebuerg gëtt vum Aussen- an Europaminister Jean Asselborn geféiert.

Déi dräi Rapporteuren ("Troika") fir den Exame vu Lëtzebuerg si China, Litauen a Malawi.

De **Webcast** vun der Sessioun ass op https://media.un.org/en/asset/k1i/k1i4y03sde

D'Lëscht vun de Spriecher an all disponibel Rieden déi während dem Exame vu Lëtzebuerg gehale ginn, wäerten op den EPU Extranet geluede ginn.

Et gëtt erwaart dass den **EPU Aarbechtsgrupp d'Recommandatiounen**, déi Lëtzebuerg gemaach krut, um 15h30 de Mëttwoch, 10. Mee 2023 adoptéiert. Dee Moment kann de Stat, deen ënnersicht gëtt, seng Positiounen zu de Recommandatiounen déi e gemaach krut, ausdrécken.

// ENDS //

*For more information and media requests, please contact Pascal Sim, HRC Media Officer, at simp@un.org and David Díaz Martín, HRC Public Information Officer, at david.diazmartin@un.org*

*To learn more about the Universal Periodic Review, visit* https://www.ohchr.org/en/hr-bodies/upr/upr-main

**UN Human Rights Council, follow us on social media:**
Facebook | Twitter | YouTube | Instagram